Gd DUCHÉ DE LUXEMBOURG
CHAMBRE DES DÉPUTÉS

*Auteur : Aly Jaerling*
*Dag : 15. am Chrëschtmount 2004*
*Ulass : "Projet de loi modifiant : 1. le Code des assurances sociales / 2. la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail*
*Zil: Gréisser Transparenz vun den d'Tripartitesdécisiounen*

5322

I - 2004 - 0 - 11 - 0435 - 01 (264)

# Motioun

D'Volleksvertriederkummer

- hëllt zur Kenntnis, datt mam Gesetzesprojet Nr. 5322 Moossnahmen ëmgesat solle ginn, déi an der „Tripartite" beschloss gi sinn ;
- stellt den immensen Afloss vun engem ausserparlamentareschen, net vum Vollek gewielten Organ, der „Tripartite", op politesch Entscheedonge fest ;
- condamnéiert, datt déi gewielte Vertrieder vum Vollek nëmmen indirekt iwwer d'Entscheedongsofleef an der „Tripartite" an d'Motivatioune vun deenen do getraffenen Décisiounen informéiert goufen a ginn ;
- stellt fest, datt och déi vun de Medie rapportéiert Informatiounen an Aussoen iwwert d'Geschéien, ewéi och d'Begrënnong vun den Décisiounen an der „Tripartite" nëmmen op Héieresoen berouen a soumat allzeoft widdersprëchlech sinn ;

fuerdert d'Regierong op

- **jiddfer Volleksvertrieder e Verbatim vun de jeeweilegen Tripartitesëtzongen zoukommen ze loossen.**

*A. Jaerling* *G. Gibéryen* *R. Mehlen* *J.-P. Koepp* *J.-Y. Henckes*